Invité vun der Redaktioun (29. Februar)

# Emile Eicher, Syvicol-President

François Aulner | Update: 29.02.2024 08:54 | 0 Commentaire(n)




**Um Donneschdeg de Moie waren de Logementsdësch an d'Verantwortunge vun de Gemengen Themen an der Emissioun "Invité vun der Redaktioun".**

Mer hunn schonns am Virfeld decidéiert, dass mer um Gemengenniveau via d'Beamten d'Prozeduren op de Leescht wëllen huelen, an do hu mer schonns eng Rëtsch Pisten ugeduecht, wou eppes ze maachen wier, sot den Emile Eicher.

De Syvicols-President war eng Woch nom nationalen Logementsdësch eisen Invité vun der Redaktioun. Et géif drëms goen, méi séier, méi transparent an méi effikass ze schaffen. Beispillsweis kéint et sinn, dass mer verschidden EU-Direktiven bei den Ausschreiwungen hei am Land méi strikt an streng applizéieren wéi et muss.

Anstänneg Bautereglementer an de Gemenge kéinte Baugeneemegunge fir verschidde Saachen sécher onnéideg maachen.

**Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis freides um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op RTL Play ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.**